D'Alternativ fir Är Gemeng

Nationale Gemengewalprogramm vun der Alternativer Demokratescher Reformpartei fir den 8. Oktober 2017

adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Inhaltsverzeechnes

Virwuert vum President 3
Der ADR hir 6 Prioritéite fir d'Gemeng 4
1. Bezuelbaart Wunnen 4
2. Ëffentlech Sécherheet heescht Sécherheet fir jiddereen 6
3. Mobilitéit ouni Dirigismus 8
4. Famillje mat Kanner beschtméiglech ënnerstëtzen 11
5. D'Lëtzebuerger Sprooch als wichtegst Mëttel zur Integratioun 13
6. Flüchtlingen ophuelen, mat Häerz awer OCH mat Verstand 14
D'Gemeng: Garant vun der Liewensqualitéit 15
1. Solidaritéit a sozial Gerechtegkeet 15
2. Matverantwortung fir eeler Matbierger 16
3. Accès ouni Barrièren 16
4. Ëmweltschutz an Energiepolitik 16
5. Waasser, Ofwaasser, Dreckskëschten 17
6. Dateschutz an intelligent Compteuren 18
7. D'Déieren an der Gemeng 18
8. Natur 18
9. Historesch an architektonesch Bausubstanz schützen 19
10. Tourismus 19
11. Sport 19
12. Gesondheet 20
13. Kultur 20
14. No beim Bierger 20
15. Kompetent politesch Gouvernance 21

Virwuert vum President

Léif Biergerinnen a Bierger,

Esou wéi an der nationaler Politik, stellt d'ADR och eng wichteg Alternativ zu allen anere Parteien duer, wann et ëm eng gutt Gestioun vun Ärer Gemeng geet. D'Alternativ Demokratesch Reformpartei stellt Iech an dësem Walprogramm eng Rei Virschléi vir, fir der Gemengepolitik neien Driff ze ginn.

Eise Programm fir d'Gemengewale vum 8. Oktober baut op 6 Prioritéiten op.

D'ADR huet Proposen, fir datt och Leit mat klengen a mëttlere Revenue sech eng Wunneng zu Lëtzebuerg leeschte kënnen. Et däerf net sinn, datt Leit, déi zu Lëtzebuerg gebuer sinn an hei am Land schaffen, déisäits de Grenz musse kucken, fir sech en Ënnerdaach leeschten ze kënnen!

Fir sech zu Lëtzebuerg wuel ze spieren, muss ee sech a Sécherheet fillen - op matten an enger Stad oder wäit eraus an engem Duerf. Och bei der Sécherheet däerfen sech déi Verantwortlech vun enger Gemeng net nëmmen op de Staat verloossen!

Mir mussen eis nees fräi am Land beweege kënnen. Fräi heescht, selwer doriwwer entscheeden, mat wéi engem Verkéiersmëttel een op d'Schaff, an d'Schoul oder op eng Fräizäitaktivitéit ënnerwee ass. Fräi heescht, komfortabel an engem ëffentlechem Verkéiersmëttel kënnen ze reesen oder säin Auto ze huelen ouni laang am Stau ze hänken.

D'Kanner sinn eis Zukunft. D'ADR plaidéiert fir de fräie Choix vun den Elteren, sech sëlwer em d'Erzéiung vun de Kanner ze këmmeren, oder dës Aufgab un eng Crèche oder eng Maison Relais zäitweileg weiderzeginn. Dowéinst gehéiert eng qualitativ gutt Kannerbetreiung zu der Responsabilitéit vun der Gemeng.

Et kommen ëmmer méi nei Leit op Lëtzebuerg, an domat sécher och an Är Gemeng. Dowéinst ginn Integratioun a sozial Kohäsioun och ëmmer méi wichteg. D'ADR ass sech sécher: d'Integratioun geet nëmmen iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch!

Eist Land, an esou och eis Gemengen, sinn och mat internationalen Defie konfrontéiert, dëst an éischter Linn, well ëmmer méi Flüchtlingen am Grand-Duché eng nei Heemecht wëlle fannen. Lëtzebuerg muss kënnen ënnerscheeden, an dëst ouni onendlech Delaien, wien de Schutz als Flüchtling ze gutt huet, a wien net! Déi Leit, déi däerfe bei eis bleiwen, mussen an Dignitéit opgeholl ginn a bei der Integratioun gehollef kréien.

2017 ass den Optakt vun engem spezielle Walkalenner zu Lëtzebuerg, wou sech d'Gemengewalen, d'Nationalwalen (2018) an d'Europawalen (2019) hannerteneen areien. Dat sinn dräi wichteg Etappe fir d'Zukunft vum Land. Vill Entscheedunge vun dëser Regierung hu Sträit a Kaméidi bis an d'Gemeng gedroen. Dat muss ophéieren.

D'ADR als biergerlech a wäertorientéiert Partei huet hir Plaz och an der Gemengepolitik. Grad well d'CSV an déi aner Parteie sech fir lénksideologesch Wonschvirstellungen asetzen an déi wierklech Uleies vum Bierger "lénks leie loossen". Ech hoffen, datt eis Partei an dëse Walen eng zolidd lokal Basis kritt. Well meng Partei setzt sech all Dag fir all Bierger an. Ech hoffen och, datt dës Wale fir d'ADR e gutt Sprangbriet sinn, fir déi Walterminer, déi duerno ustinn.

Ech sinn dovun iwwerzeegt, datt d'ADR och Ärer Gemeng zu positiven Entwécklunge verhëlleft. Dowéinst hoffen ech, datt Dir eiser Lëscht an eise Kandidaten Äert Vertraue schenkt.

Jean Schoos, Nationalpresident vun der ADR
Alternativ Demokratesch Reformpartei

Gemengewalen den 8. Oktober 2017

Der ADR hir 6 Prioritéite fir d'Gemeng

1. Bezuelbaart Wunnen

Ee vun de gréisste Problemer vum Land ass dee vun der Wunnengsnout. Et ass fir vill Leit schwéier, um Wunnengsmaart e Logement zu raisonnabele Präisser ze fannen. D'Léisung kann nëmmen an engem anere Wuesstemsmodell fir Lëtzebuerg leien. Dobäi däerfen awer d'Eegentumsrechter net ausser Kraaft gesat ginn, sief et duerch Enteegnungen, duerch Requisitiounen oder duerch eng konfiskatoresch Besteierung, fir Bauland oder Wunnenge vu Privatpersounen, déi eidel stinn.

D'Wunnengsnout betrëfft besonnesch Leit mat nidderegem Akommes, awer och Persounen a Stéit mat guddem Akommes bleiwen dovunner net verschount. D'Präisser fir Wunnengen droen haaptsächlech zum Phenomen vun den „aarme Schafferten" (working poors) bäi. Dat dreift vill Stéit iwwert eis Grenzen eraus a mécht si zu Grenzgänger am eegene Land. An esou stinn dës Leit da mat am Stau fir an eist Land, well Wunnengen, déi bezuelbar sinn, leien ëmmer méi wäit ewech vun deenen Uertschaften, wou déi meescht Aarbechtsplaze sinn. Obwuel de Logement en nationale Problem ass, dréit hei och d'Gemeng en Deel Verantwortung. D'Gemeng hunn am Beräich Logement vill Trëmp an der Hand, mat deenen si zu Léisunge bäidroe kann. Wann Dir d'ADR an de Gemengerot wielt, suerge mir dofir, datt déi Trëmp endlech a wierkungsvoll ausgespillt ginn.

Sozialwunnenge fir d'Locatioun

All Gemeng soll sech d'Zil ginn, e gewësse Prozentsaz vun de Wunnengen an der Gemeng als Sozialwunneng fir d'Locatioun zur Verfügung ze stellen. Dës Wunnenge sollen iwwert d'ganz Gemeng (Dierfer, Quartieren...) verdeelt sinn, esou datt keng „Sozialghettoen" entstinn. D'Gemeng soll dofir – sief et an Eegeregie, iwwert Promoteure wéi de Fonds de Logement an d'SNHBM, oder mat private Promoteuren – d'Hëllef vum Stat (70% bis 100%) an Usproch huelen (Gesetz vum 25. Februar 1979).

Eng Gemeng mat gréissere finanzielle Reserve soll en Deel vun dëse Reserven an engem spezielle Fong uleeën, deen an de soziale Wunnengsbau investéiert.

A gréissere Stied soll d'Gemeng och Projeten ënnerstëtzen, fir datt Wunnenge fir d'Locatioun zu moderate Präisser zur Verfügung gestallt ginn. Dëst fir Leit, déi net d'Kritäre fir de soziale Wunnengsbau erfëllen, awer trotzdem grouss Schwieregkeeten hunn, um private Marché ënner Daach ze kommen.

Mat der ADR am Gemengerot, ginn dës Iddien an d'Realitéit ëmgesat.

Transparenz bei de Waardelëschten

Bei de Sozialwunnengen, sou wéi och allgemeng an der Wunnengsproblematik, engagéiere mir eis, fir Transparenz bei de Waardelëschten.

Hëllef fir den éischten Accès als Proprietär

Et ass ganz schwéier, wann net onméiglech – souguer fir Leit a Stéit mat engem gudden Akommes – eng éischte Kéier Proprietär vun engem Haus oder enger Wunneng ze ginn. Dëst gëllt nach méi fir Stéit, wou d'Akommes knapp iwwert där Limitt läit, bei där de Stat an d'Gemenge mat Hëllefen a Subsiden asprangen.

Ënner bestëmmte Bedéngungen (z.B. fir Kanner, deenen hir Elteren an der Gemeng wunnen, Familljesituatiounen, wa Leit zanter enger gewësser Zäit an der Gemeng wunnen oder schaffen, asw.), déi an engem Gemengereglement festgeluecht ginn, hëlleft d'Gemeng dëse Leit fir Proprietär ze ginn. Dëst beispillsweis iwwert de Wee vu Bankgarantien a bei der Acquisitioun vun engem Terrain.

Amplaz iwwert de „Bail emphytéotique" ze fueren, zitt d'ADR de Wee vum „portage foncier" vir, dat heescht, datt den Terrain an enger éischter Phase fir e symbolesche Loyer zu Verfügung gestallt gëtt, an de Verkaf vum Terrain da spéider (z.B. wann de Prêt vum Bau ofbezuelt ass) realiséiert gëtt.

Bei gréissere Projeten am Sozialwunnengsbau, suerge mir dofir, datt 15% vun den Haiser oder Wunnenge fir Leit reservéiert ginn, déi net vun Hëllefe beim Bau profitéieren an net Proprietär sinn.

Energienormen

D'ADR ass dogéint, datt d'Leit an Zukunft solle gezwonge ginn, nëmmen nach Passivhaiser ze bauen. Dat ass e staatlechen Agréff an déi perséinlech Fräiheet. D'ADR setzt sech am Gemengerot dofir an, datt de Stat fräiwëlleg Investitiounen an en niddregen Energieverbrauch ënnerstëtzt.

D'Offer verbesseren

D'Präisspiral um Wunnengsmaart bremsen oder stoppen, geet nëmme wann d'Offer – an der Locatioun a beim Verkaf – an d'Gläichgewiicht mat der Nofro kënnt. D'Gemenge spillen hei eng wesentlech Roll, esou wuel iwwert den allgemenge Bebauungsplang (PAG, Bauperimeter) an déi partikular Bebauungspläng (PAP), wéi och iwwert d'Bautereglement (Héicht vun de Residenzen, Wunnengsdicht, asw.).

D'ADR setzt sech an, fir datt de Charakter vum Duerfkär a bestoende Quartiere respektéiert gëtt. Nei Quartieren däerfe sech och net negativ op d'Liewensqualitéit vun den Awunner vun der Uertschaft auswierken. Si mussen esou geplangt a gebaut ginn, datt si sech harmonesch un déi existéierend Infrastruktur upassen.

Wéinst dem Präisdrock um Wunnengsmaart däerf awer och eng Erweiderung vum PAG keen Tabu sinn. Bei der Erweiderung vum PAG a bei der Ëmwandlung vun Terrainen, wéi z.B. Industriefrichen, mussen d'Gemengen dofir suergen, datt d'Präisser erofgedréckt ginn. De Prinzip vum „Pollueur-Payeur" muss bei enger eventueller Sanéierung vun esou Terraine respektéiert ginn.

D'Erweiderung vum Bauperimeter gëtt vun ëffentlecher Hand gesteiert. D'Gemeng, déi laut Gesetz e Virverkafsrecht huet, wäert e faire Präis fir Terraine bidden, déi nach net am Bauperimeter leien, an dës wäit ënner dem Maartpräis fir „Bauterrain" verkafen. Dobäi kënnen déi Terrainen u bestëmmte Bedéngunge gebonne ginn, wéi datt si beispillsweis banne kuerzer Zäit musse bebaut ginn an/oder un d'Situatioun vum Keefer sengem Akommes ugepasst ginn.

D'Offer verbesseren, heescht och, de Privatpromoteuren net onnéideg Steng an de Wee ze leeën, wéi z.B. mat Oplagen, déi de Bau méi deier maachen. D'Energienormen an d'Prozeduren, déi domadder verbonne sinn, wäerte fir eng Vereinfachung nach eemol op de Leescht geholl ginn. Och do droen d'Gemengen en Deel vun der Verantwortung. D'Prozedure sinn ze respektéieren a méiglechst kuerz ze halen.

Eidel Wunnengen, Baulücken...

Fir d'Offer ze verbesseren, sollen eidel Wunnengen op de Locatiounsmaart kommen, an Terrainen, déi bannent dem PAG leien an un d'Infrastrukturen ugeschloss sinn, och effektiv verbaut ginn. Sief dat vum Proprietäre oder iwwert de Verkaf vum Terrain.

Hei sollen d'Gemengen iwwert positiv Begleetmoossnamen d'Proprietären encouragéieren, fir dës Wunnengen, respektiv Terraine fir de Wunnengsmaart fräizeginn. Ee Modell dofir ass d'Agence immobilière sociale, déi op där enger Säit d'Proprietären zu raisonnabele Loyere verflicht, hinnen op där anerer Säit awer gewësse Garantie bitt, datt de Loyer bezuelt an d'Wunneng an der Rei gehale gëtt. D'Gemenge sollen an Eegeregie op esou e Modell zréckgräifen, och fir hirer Bierger, déi d'Hëllef vum Sozialbüro an Usproch huelen.

Bei alle Problemer um Wunnengsmaart muss awer weiderhin d'Recht op d'Proprietéit geschützt bleiwen. Et däerf weder zu Zwangsmoossname kommen, nach zu iwwerdriwwenen Taxen.

Loyerskommissioun

All Gemeng mat méi wéi 6.000 Awunner huet eng eege Loyerskommissioun. Fir déi kleng Gemenge besti regional Loyerskommissiounen. Dës Kommissiounen hunn d'Aufgab, als Vermëttler tëschent de Proprietären an de Locatairen ze agéieren. Leider ginn dës Kommissioune ganz seelen an Usproch geholl. D'ADR well dëst wichtegt Instrument opwäerten an dofir suergen, datt iwwert d'Gemengepublikatioune reegelméisseg op d'Aufgabe vun der Loyerskommissioun higewise gëtt. Wa Leit sech op der Gemeng umellen, gi si och iwwert e Flyer op d'Existenz vun dëser Kommissioun higewisen.

2. Ëffentlech Sécherheet heescht Sécherheet fir jiddereen

Zu den elementare Biergerrechter gehéieren d'Sécherheet, an d'Gefill, a Sécherheet ze liewen. Am Rechtsstat muss déi ëffentlech Hand, a si eleng, fir dës Sécherheet suergen. Dofir mussen de Stat an d'Gemeng enk zesummeschaffen. Bei där Zesummenaarbecht muss d'Gewiicht vun der Gemeng, déi am nooste mam Bierger a Kontakt steet, erëm méi staark ginn. Mat der ADR am Gemengerot ass dat de Fall.

Themen, wéi z. B. d'Verbuet vun der Burka, déi nëmmen national an eenheetlech kënne gereegelt ginn, däerfen awer net op d'Gemengen ofgewänzelt ginn.

Lokal Sécherheetspläng

Police a Gemenge mussen iwwert gëeegent Prozeduren a Strukturen enk zesummeschaffen. Fir all Gemeng muss e lokale Sécherheetsplang tëschent der Gemeng an der Police – no Consultatioun vun de Bierger – ausgeschafft ginn. Dëse Plang muss reegelméisseg op seng Efficacitéit iwwerpréift ginn.

D'Gesetzer leeën de Gemengen eng ganz Rei vu Flichten op, och wat d'Sécherheet op hirem Territoire betrëfft. Am Géigenzuch muss d'Gemeng dowéinst och op d'Hëllef vun der Police kënnen zréckgräifen. D'ADR wäert dofir suergen, datt d'Gemeng méi e grousst Matsproocherecht bei der Präsenz vun der Police huet. D'Gemeng géing sech dobäi och esou organiséiere kënnen, datt déi kommunal Policereglementer respektéiert ginn.

Präsenz um Terrain

Wielt dir d'ADR, da maache mir eis an de Gemenge staark dofir, datt a méi onroueg Quartiere Kommissariater kommen, déi 24 op 24 Stonne besat a fir d'Bierger accessibel sinn. D'Zuel vun de Beamten an d'Zäiten, zu deenen d'Kommissariater funktionéieren, ginn de lokale Verhältnesser ugepasst. D'Police soll méi eng grouss Präsenz um Terrain weisen, fir méi Vertraue beim Bierger ze schafen, e Sécherheetsgefill ze ginn a präventiv ze agéieren. D'Gemeng muss der Police, wann si et wënscht, adequat Lokaler zur Verfügung stellen. D'ADR wäert sech och weiderhi fir d'Konzept vun enger Noperschaftspolice asetzen. Dat si Konditiounen, fir der ADR hire Konzept vun enger Noperschaftspolice ëmzesetzen.

Wa garantéiert ka ginn, datt fir d'Sécherheet vun de Leit wierksam gesuergt ass, ass d'ADR prinzipiell net géint eng Reform vun der Police, déi d'lokal Zesummenaarbecht a Präsenz verbessert.

Besonnesch a ländleche Géigende musse genuch Policekommissariater sinn. Wann Hëllef gefrot ass, däerf et nämlech net zu iwwerméisseg laangen Delaie kommen, wéinst groussen Distanzen oder besonnesch och am Wanter a bei schlechtem Wieder.

Keng rechtsfräi Zonen

Et däerf keng rechtsfräi Zone ginn. Mir setzen eis dofir an, datt d'Police an alle Fäll iwwert déi néideg Moyene verfüügt, fir géint Banden, kriminell Organisatiounen an Drogendealer virzegoen. De Stat muss hei och fir deen néidege gesetzleche Kader suergen, z.B. mam Plazverweis.

Streetworker

Vill kleng Delikter kéinten evitéiert ginn, duerch eng efficace Präventioun, z.B. mat Hëllef vun Educateuren (Streetworker), déi besonnescht Vertraue bei de Betraffene genéissen. Dofir muss et hei eng kompetent Zesummenaarbecht tëschent nationalen a lokale Verantwortleche ginn. Et muss vernetzt geduecht ginn, an déi néideg Strukturen um lokale Plang musse wierksam funktionéieren.

Sécherheetskameraen

D'ADR ass dofir, datt op besonnesch sensibelen, ëffentleche Plaze Kameraen installéiert ginn, allerdéngs ënner strengen Oplagen an am Respekt vun der Privatsphär an dem Schutz vun de perséinlechen Daten. Mir sinn eis bewosst, datt Kameraen nëmmen en zousätzlecht Sécherheetsinstrument kënne sinn, awer op kee Fall en Ersatz fir déi néideg Präsenz. Esou Kamerae mussen Deel vun engem kommunale Sécherheetskonzept sinn. Soss verdreiwe si just d'Näischnotzen an dee nächste Quartier, dee net mat Video iwwerwaacht gëtt.

Urban Miwwelen

D'ëffentlech Ariichtunge vun enger Uertschaft droen zur Sécherheet bäi. Hei hunn d'Gemengen eng besonnesch Roll ze spillen. Déi ëffentlech Beliichtung muss z.B. deenen neiste Konzepter gerecht ginn, an also Liichtpollutioun ze vermeiden. Déi urban Miwwelen (Busarrêten, Bänken, …) an ëffentlech Plaze mussen esou ugeluecht sinn, datt weder donkel Gestalten nach Vandalen ugelackelt ginn. Ëffentlech Gebaier, wéi d'Gemeng, d'Schoulen, a.s.w. mussen duerch technesch Moossname wéi Alarmanlagen oder duerch d'Präsenz vu Personal, geschützt sinn.

D'ADR favoriséiert eng kreativ a frëndlech Gestaltung vun den urbane Miwwelen. Och an dësem Beräich bidde sech Méiglechkeeten, fir op eng flott Manéier national a kommunal Eegenaarten ervirzesträichen an Traditiounen ze fleegen.

Pompjeeën a Rettungswiesen

Eng national Reform vum Pompjees- a Rettungswiesen ass an der Maach. D'ADR begréisst déi grouss Prinzipie vun dëser Reform, mee stellt awer fest, datt domat eng ganz Rei Aufgabe vun der Gemeng op den nationale Plang iwwerdroe ginn.

D'ADR mécht sech staark, fir datt d'Gemeng och hei weider an der Responsabilitéit bleift. Um Gemengeplang, an domat am deenen eenzelen Dierfer a Quartieren, mussen d'Pompjeesveräiner bestoe bleiwen, fir weiderhi méiglechst vill Fräiwëlleger am Déngscht vum Rettungswiesen ze hunn. Dës lokal Kräfte wëlle mir ënnerstëtzen, fir Aktivitéiten um lokale Plang ze organiséieren.

Organiséiert Heescherei

D'ADR suergt dofir, datt d'Gemeng efficace Méiglechkeete kritt, fir organiséiert Heescherei genau wéi aggressiivt Biedelen ze verbidden. Dozou gehéiert d'Méiglechkeet, datt d'Police bestëmmte Leit den Openthalt op bestëmmte Plazen – nom däitsche Modell vum „Platzverweis" – verbidde kann. Och wann dës Dispositioun net prioritär d'Heescheleit viséiert, mee eng Verbesserung vun der ëffentlecher Sécherheet, da muss esou eng Méiglechkeet awer wann néideg och am Kontext vun der Bekämpfung vun organiséierten Heeschebande kënnen agesat ginn.

D'fräi Zirkulatioun vun de Bierger an Europa gëllt, wann dës genuch eege Mëttelen hunn, fir hir Existenz ofzesécheren: Dat soll an der Gemeng agehale ginn an iwwert dee Wee muss d'Police, mat der Ënnerstëtzung vun der Justiz an eventuell vun der Douane, d'Moyene kréien, fir dat organiséiert Biedele besser an de Grëff ze kréien.

Heescherei wéinst Aarmut

Fir d'ADR muss der Aarmut mat anere Mëttelen entgéintgewierkt kënne ginn, wéi Heeschen als e Mënscherecht ze deklaréieren. D'ADR ënnerstëtzt dofir Moossname fir Leit a Nout op kommunalem an nationalem Plang, déi e Recht hunn, hei am Land ze sinn, en Ënnerdaach ze ginn an hinnen en anstännegt Liewen ze erméiglechen, wéi betreit Wunnen, Nuetsfoyeren, Vollekskichen, Kaffis- an Téistuffen. Déi verschidden Organisatiounen, déi sech ëm dës Leit këmmeren, mussen och op kommunalem Plang besser koordinéiert ginn. Befanne sech déi Betraffen an enger spezieller Situatioun – dat kënne Koppele sinn, Leit mat Kanner oder mat Hënn, asw. – musse gëeegent Léisunge proposéiert ginn.

Mat esou Moossname viséiere mir, d'Leit „déi op der Strooss liewen" nees an d'Gesellschaft opzehuelen, mat enger Wunneng, enger Aarbecht, an enger reeller Liewensperspektiv.

3. Mobilitéit ouni Dirigismus

Lëtzebuerg riskéiert, besonnesch an de Spëtzestonnen, um Verkéier ze erstécken. Schonn haut steet heiandsdo de Verkéier am Land, wéinst engem Accident op der falscher Plaz. Un dësem Misär huet de Stat zum groussen Deel Schold, well en net déi néideg Infrastrukture geschaf huet. Och d'Gemeng muss dofir suergen, datt d'Mobilitéit, an hirer Diversitéit, erhale bleift.

D'Mobilitéit soll ouni Aschränkung d'Fräiheet an d'Onofhängegkeet vum Bierger erméiglechen. D'ADR ënnerstëtzt ekologesch Verkéierskonzepter, ouni staatlechen Dirigismus. De Bierger soll d'Wiel hunn, wéi hie sech fortbeweegt. Dowéinst ass d'ADR dogéint, datt eenzel Verkéiersmëttele privilegiéiert ginn, an den „Individualverkéier" (dat sinn an éischter Linn d'Autoen) ganz bewosst a massiv ageschränkt gëtt. Eng Illustratioun dofir ass den Tram, dee quasi e Monopol op der Achs *Nei Avenue* a *Boulevard Royal* duerch d'Haaptstad kréie soll, ouni datt e Plang erstallt gëtt, wéi do nach Autoen a Liwwerween sollen an däerfen zirkuléieren.

D'ADR wiert sech och staark géint all dirigistesch Moossnamen, déi dem Bierger virschreiwen, wéi a wéini hien sech beweegen „däerf", z.B. zu gewëssen Zäiten Autoen nëmme fuere loossen, wann mindestens zwou Persounen dra sinn.

D'ADR steet hannert enger Mobilitéitspolitik – vum Stat a vun der Gemeng –, déi op engem intelligenten, effizienten an ekologesch vertrietbare Konzept berout, dat den ëffentlechen Transport, den doucen Transport (zu Fouss, mam Vëlo) an den Individualverkéier a seng Iwwerleeungen a seng Mobilitéitspläng mat abezitt.

Den ëffentlechen Transport: sécher a gratis

Fir d'ADR ass den Nulltarif oder Gratistransport ee vun den effizientste Mëttelen, fir den ëffentlechen Transport ze förderen. Och haut gëtt den ëffentlechen Transport zum gréissten Deel vum Stat a vun enger Rei Gemenge finanzéiert. An de Busse gëtt et kaum bis guer keng Passagéierkontrollen. A verschiddene Busse gi guer keng Billjeeë verkaf, op anere Linne kënnt et grad duerch dëse Verkaf zu Verspéidungen. D'Kontrolleren an den Zich kéinten, amplaz d'Billjeeën ze kontrolléieren, méi wichteg Aufgaben am Beräich Sécherheet an Informatioun iwwerhuelen.

Fir méi Sécherheet vum Personal an de Passagéier, wäerte mir eis dofir asetzen, datt an allen ëffentleche Verkéiersmëttelen, op Garen an op gréissere Busarrêten Iwwerwaachungskameraen installéiert ginn.

Sou laang et nach kee Gratistransport gëtt, verlaange mir, datt een a Gemengen, déi un den ëffentlechen Transport ugeschloss sinn, säin Zuch- a Busabonnement en Automat huet, un engem Automat opluede kann a net muss dofir Kilometere fueren.

Grad Famillje mat finanzielle Schwieregkeete kënne sech kee Joresabo vu 440 Euro leeschten. Dofir wäert d'ADR dofir suergen, datt de Sozialbüro deene Betraffenen déi Suen op Demande virstreckt, well de Monatsbilljee – op d'Joer gerechent – grad Leit, déi all Su ëmdréinen, en Drëttel méi deier gëtt.

<u>De Bus</u>

A ville Gemengen ass de Bus, ob iwwert Land oder bannent der Gemeng, dat eenzegt ëffentlecht Verkéiersmëttel. D'ADR wëll, datt d'Gemeng an hir Bierger méi Matsproocherecht kréien, wat den Itineraire, d'Haltestellen, de Fuerplang an d'Frequenzen ubelaangt. Dobäi muss de Prinzip gëllen, datt deejéinegen, dee bestellt (d'Stad oder d'Gemeng), sech un de Käschte bedeelege muss.

D'ADR setzt sech fir eng méi gerecht finanziell Verdeelung tëschent de Gemengen an, déi en eegene Busservice bedreiwen, zu engem Bussyndicat bäidroen oder ausschliesslech op Servicer vum RGTR zeréckgräifen, déi integral vum Stat bezuelt ginn.

Mir trieden a fir kloer Fuerpläng a fir Bushaltestellen, déi propper sinn a gutt virum Wieder schützen. Gréisser Haltestelle sollen eng ëffentlech Toilette bidden.

An enker Zesummenaarbecht tëschent Gemeng, Stat a Verkéiersverbond sollen elektronesch Tafelen d'Horairen an „Echtzäit" uweisen. All Bus muss dat néidegt Equipement hunn, an d'Informatiounstafele musse fir all Mënsch kloer sinn.

D'Informatiounen iwwert den Echtzäit- an den theoretesche Fuerplang sinn esou einfach wéi méiglech op Smartphone, Tablet a Computer zougänglech.

Mir hätte gär e kommunale Gesamtverkéiersplang. D'Gemenge solle Busspuren an eng Prioriséierung fir Busser op Kräizunge kënnen organiséieren, ouni datt dobäi den Individualverkéier ze vill gestéiert gëtt. Beim Plange vu Busspuren hunn déi betraffe Bierger e Wuert matzeschwätzen.

D'Personal vum ëffentlechen Transport, dat mat de Passagéier a Kontakt ass, muss kënne Lëtzebuergesch schwätzen. Dëst gëllt och fir d'Personal vu Luxtram.

<u>Déi douce Mobilitéit</u>

Bei der doucer Mobilitéit, also där vu Foussgänger a Vëlosfuerer, mussen all Moossnamen och e Plus u Sécherheet bréngen. D'Foussgänger brauche protegéiert Iwwergäng an anstänneg Trottoiren, déi breet genuch fir zwou Kannerkutsche sinn. Foussgängersträifen iwwert Nationalstroossen a „chemin repris" musse grondsätzlech mat roude Luuchten equipéiert sinn, fir datt de Foussgänger sech d'Virfaart froe kann. Dobäi muss d'Luucht och fir Senioren a Leit mat Behënnerung laang genuch gréng sinn. Trottoiren an Iwwergäng fir Foussgänger mussen anstänneg beliicht sinn, woubäi d'Luuchten awer esou ausgeriicht ginn, datt si méiglechst wéineg zur Liichtpollutioun bäidroen.

Wa Weeër duerch Parken an aner Gréngflächen ugeluecht ginn, déi net nëmme fir d'Fräizäit genotzt ginn, mee och fir den alldeegleche Passage, da mussen och dës aus Sécherheetsgrënn anstänneg beliicht ginn.

D'Benotze vum Vëlo soll weider gefërdert ginn. Dobäi hëllefen d'Richtlinne vun der Lëtzebuerger Vëlosinitiativ, nom Motto: „Vëlosinfrastruktur: wann, da richteg!". Et bréngt näischt, fir Vëlospiste mat Faarf

opzemolen, wann dës Piste virun all geféierlecher Kräizung einfach ophalen. Et notzt och näischt, d'Trottoire fir d'Vëloe fräizeginn, well domat ginn d'Foussgänger a Gefor bruecht.

D'Gemeng muss dofir suergen, datt op strategesche Plazen (Schoul, Sport- a Kulturzenter, Stadhaus, asw.) genuch Méiglechkeete gebuede ginn, fir Vëloe geséchert ofstellen ze kënnen. An Zesummenaarbecht mam Verkéiersverbond soll d'Gemeng geséchert Vëlosparkplazen (mBox) an de Garen an op zentrale Busarrêten ariichten.

Dat sinn alles Punkten, déi d'ADR an Ärer Gemeng ëmsetze wäert, wann dir d'ADR wielt.

Den Individualverkéier

Wéi aus der Etude „MoViLux" ervirgeet, benotze ronn 75% vun de Leit den Auto reegelméisseg, fir op d'Schaff oder an d'Schoul ze fueren. Dovu benotze 66% den Auto 4 bis 5 Deeg an der Woch. Kee verantwortleche Politiker däerf, aus ideologesche Grënn, d'Aen virun dëser Tatsaach zoumaachen!

Och d'ADR begréisst Moossnamen, déi méi Leit dozou animéieren, vum Individualverkéier op den ëffentlechen Transport ze wiesselen, oder, wann et méiglech ass, op déi douce Mobilitéit. Dëst muss awer iwwert positiv Moossname geschéien. D'ADR wäert sech och an der Gemeng géint all Schikane wieren, déi haaptsächlech den Zweck hunn, den Automobilisten d'Liewen esou schwéier wéi méiglech ze maachen.

Mir suergen dofir, datt no bei de Geschäfter a Foussgängerzone genuch Parkplazen zu verstännege Präisser sinn. Dat ass och e wierksaamt Mëttel, fir d'Attraktivitéit vun de Stadzentren ze erhalen, dëst besonnesch an der Konkurrenz zu groussen Akafszentren op der grénger Wiss.

D'Leit mussen d'Méiglechkeet hunn, hiren Auto bei hirem Haus oder hirer Wunneng ze parken a méi laang do stoen ze loossen. Och dëst ass eng positiv Moossnam, fir d'Leit ze encouragéieren, méi dacks den ëffentlechen Transport ze huelen. Dofir ass d'ADR géint e „Parkraummangement", dat als eenzegen Zweck huet, bei Neibauten d'Parkplazen an de Residencen drastesch anzeschränken. Et mussen, och a Wunnquartieren, genuch ëffentlech Parkplazen zur Verfügung gestallt ginn, fir en uerdentlecht Sozialliewen ze erméiglechen. Et däerf net dozou kommen, datt en drastescht Aschränke vu Parkplazen an neie Wunnquartieren dozou féiert, datt aner Quartieren an der Noperschaft komplett zougeparkt ginn. D'ADR wäert net zouloossen, datt d'Fueren an d'Parke vu Privatautoen a gréisseren Uertschaften zu engem kostspillege Privileg gëtt. Och wat d'Bezuele vum Parking ugeet, soll dat einfach méiglech sinn. D'Bezuelen iwwert SMS (Call2Park) ass do och eng Méiglechkeet, vun där Gemenge solle Gebrauch maachen.

Mir wäerten eis dofir asetzen, datt de Verkéier an der Gemeng op zwee Niveauen organiséiert gëtt.

Dobäi mussen als éischt Achse fir de „fléissende Verkéier" virgesi ginn. Op dësen Achse gëtt de Verkéier mat engem intelligente System geleet, nom Prinzip vun der „grénger Well". D'Foussgängerpassagë gi mat roude Luuchte protegéiert, déi bannent dëser grénger Well funktionéieren. Wann op esou Achse Vëlospiste bestinn, mussen dës kloer vum anere Verkéier ofgetrennt sinn.

Nieft dësen Achse muss dann de Verkéier „berouegt" ginn. Dofir stinn eng ganz Rei Moossnamen, wéi Tempo-30-Zonen, „shared Space" a Begéinungszonen, zur Verfügung. Wat fir eng Moossnam sech am beschte fir wat fir e Quartier oder Duerf eegent, soll mat den Awunner zesummen decidéiert ginn. D'Infrastruktur muss dann och un déi jeeweileg Moossnamen ugepasst ginn. Et geet net duer, datt just e puer Schëlter opgeriicht ginn.

D'Stroosse virun de Schoulen, Spillplazen an aneren Infrastrukture fir Kanner, géinge mir grondsätzlech verkéiersberouegen, op d'mannst mat enger Tempo-30-Zon.

4. Famillje mat Kanner beschtméiglech ënnerstëtzen

Nei Liewensgewunnechten iwwerdroen de Gemengen ëmmer méi Erausfuerderungen an de Beräicher vun der Kannererzéiung a -betreiung. D'Eltere mussen dacks zu zwee schaffe goen, d'Kanner verbrénge vill Zäit an der Schoul an donieft och nach a Betreiungsstrukturen. D'ADR wëll den Elteren de Choix loossen, hir Kanner selwer ze erzéien ODER qualitativ héichwäerteg Strukturen ze gebrauchen. Zu deene Betreiungsstrukturen, déi een Agreement brauchen, gehéieren: d'Maison Relais, d'Crèche, de Foyer du jour, d'Garderie an d'Dagesmamm. Fir datt d'Betreiungsstrukturen dëser verantwortungsvoller Aufgab gewuess sinn, mussen d'Kanner déi alleréischt Prioritéit fir d'Gemeng duerstellen. Dat gëllt fir d'Educatioun, d'qualitativ Betreiung an d'Wuelbefanne vun de Kanner a wäert vun der ADR beim Budget, bei den Investissementer, wéi och beim Astelle vu qualifizéiertem Personal ëmgesat ginn.

D'ADR respektéiert den Artikel 26 vun der universeller Mënscherechtskonventioun no där all d'Kanner e Recht op eng gratis Schoulausbildung hunn an e fräien Zougang zum Lycée, zur Beruffsausbildung an zu enger Educatioun, déi eng fräi Entwécklung vun der Personalitéit erméiglecht. Dobäi muss den Elteren de Choix gelooss ginn, déi Erzéiung fir hir Kanner ze wielen, déi si virzéien.

D'Elteren an d'Gemeinschaft an der Gemeng

D'ADR mécht et zu der Gemeng hirer Aufgab, genuch Plazen a Gemengecrèchen zur Verfügung ze stellen. Dës Crèchë sollen och reegelméisseg kontrolléiert ginn, ob si nach d'Konditiounen (Sécherheet, Hygiène, ugepassten Infrastrukturen, asw.) vum Agreement erfëllen. D'Betreiungsstrukture solle flächendeckend iwwert déi eenzel Quartiere respektiv Dierfer verdeelt sinn, esou datt e Lien an en Austausch tëscht Schoul, Quartier a Betreiungsstruktur méiglech ass. Wann an der Gemeng net genuch Plaze sinn, muss d'Gemeng fir eng Alternativ suergen. D'Gemenge solle sech esou organiséieren, datt all Kand, dat an de Precoce geet, e volle Kader kritt, wann dat gewënscht ass. An de Crèchen, der Maison Relais an am Precoce muss garantéiert sinn, datt d'Qualifikatioune beim Personal esou sinn, fir dem Betreiungs -a Bildungsoptrag gerecht ze ginn. Fir all dat, wäert d'ADR sech staark maachen.

Mir wäerten och dofir suergen, datt Betreiungsstrukturen, Maison des jeunes, a Schoule méi e groussen Austausch mat Associatiounen an der Gemeng hunn. Mir wäerten intergenerationell Projeten ënnerstëtzen an den Asaz vun der Zivilgesellschaft an der Educatioun vun de Kanner förderen.

Mir këmmeren eis dorëm, datt d'Maison Relais esou organiséiert gëtt, datt si net nëmmen de Relais tëscht der Schoul an dem Elterenhaus ass, mee e wichtege Bestanddeel an der „non-formaler" a „ formaler" Bildung duerstellt. Dozou gehéiert den Accès op eng Bibliothéik, en Turnsall an Informatik. D'ADR leet grousse Wäert dorop, datt d'Kand sech esou gutt wéi méiglech entwéckele kann, mat genuch kulturellen, sozialen a kierperlechen Aktivitéiten.

Mat eis am Gemengerot gëtt fir eng gutt Zesummenaarbecht tëscht den Enseignanten an den Educateure gesuergt. A mir setzen eis dofir an, datt d'Eltere méi agebonne ginn, an datt d'Betreiungsstrukture verschidden Educatiouns- a Betreiungsprojeten ubidden, déi mat den Elteren ausgeschafft ginn. Trotzdem mussen den Elteren ëmmer de Choix gelooss ginn, hir Kanner net an eng Betreiungsstruktur ze ginn.

D'Gemeng soll als Projet net just d'Ganzdagsschoul ubidden. Do wou genuch Elteren dat wënschen, sollen och Fräizäitaktivitéiten op d'mannst fir en Deel vun de Schoulvakanze bestoen. Mir géingen d'Ëffnungszäite vun de Gemengestrukturen un d'Besoine vun den Elteren upassen a während de Vakanzenzäite genuch Plazen ubidden.

Och bei der Qualitéit vun der Maison Relais, vu sämtleche Betreiungsstrukturen a vun der Schoulkantin dréit d'Gemeng eng wichteg Verantwortung. Beim Ausschaffe vun de Konventioune mat externe Servicer soll an eisen Aen d'Prioritéit op frësch an ofwiesslungsräiche Regionalprodukter a variabel Menüe geluecht ginn.

Mir wäerten d'Interesse un der Musek vu Kand u förderen, dëst esouwuel a Grondschoulcoursen, wéi och a spezielle Coursen, fir déi Kanner, déi dat wënschen. De Museksunterrecht baussent der Schoul gëtt an Zesummenhang mat der UGDA oder der Gemengemusek organiséiert. Mir géingen dofir suergen, datt intresséiert Kanner aus der Maison Relais och kënnen un dësem Museksunterrecht deelhuelen. Et géing iwwregens och selbstverständlech ginn, datt all Kand d'Nationalhymn an eise Lëtzebuerger Lidderschaz kennt.

Kanner mat spezifesche Besoinen

Betreiungsstrukture solle Personal mat enger besonnescher Formatioun hunn, fir Kanner mat spezifesche Besoinen opzehuelen. Den Accès zu deene schouleschen a betreiende Strukture soll fir all Kand méiglech sinn. D'Betreiungsstruktur soll responsabel sinn, fir mat ugepasste Konzepter all Kand ze förderen. Dësen Accès muss garantéiert sinn, fir datt den Agreement an Zukunft accordéiert gëtt. Wielt d'ADR a mir wäerten dofir suergen, datt all dat ëmmer méi eng Realitéit gëtt.

D'Grondschoul

D'ADR wäert sech dorëm këmmeren, datt d'Schoulen déi de Kanner ugepassten Infrastrukture vun de Gemengen zur Verfügung gestallt kréien, dëst esouwuel wat d'Gebaier, d'Schoulhäff, d'Schoulbibliothéik, d'Turnsäll an eventuell d'Schwämm betrëfft.

Mir wäerten eis grad esou dofir asetzen, datt dat didaktescht Material der Bildungsentwécklung ugepasst gëtt. D'Gemeng steet an der Responsabilitéit, ze kucken, firwat si schoulesch Echecken huet, a si soll hëllefen, Konzepter auszeschaffen, fir déi Echecken op e Minimum ze reduzéieren. De Projet scolaire, d'Qualitéitsmanagement an de Kooperatiounsplang tëscht de Betreiungsstrukturen an dem Schoulsystem wäert vun eis ënnerstëtzt an ausgebaut ginn.

De „Contingent" géinge mir méi favorabel ausleeën, fir de Gemenge méi Méiglechkeeten ze ginn, fir Flüchtlingskanner a Kanner mat spezifesche Besoine besser ze integréieren.

Mir si géint laang Schoulweeër fir Kanner a wäerten d'Zäit, déi Kanner op de Schoulweeër verléieren, an engem raisonnabele Kader halen.

D'Jugend

D'Gemenge mussen op d'Bedierfnesser vun de Jugendlechen agoen, dëst am Dialog mat de Betraffenen. Dat geet vun der Ariichtung vu Jugendhaiser an Terraine fir sportlech Aktivitéiten, bis zur Ënnerstëtzung vu Sportveräiner. Als ADR géinge mir dofir suergen, datt iwwert d'Jugendhaiser Aktivitéiten ugebuede ginn, déi deene Jonken en Ableck an d'Beruffswelt ginn. Heifir soll e qualitatiivt Konzept fir Projeten zur berufflecher Orientéierung mat de Gemengen ofgeschwat ginn. Wann néideg, wäert och eng Equipe vun Educateuren a „Streetworker" hëllefen, déi jonk Leit ze encadréieren.

D'Aarmut geziilt bekämpfen

Besonnesch d'Famillje mat engem Erwuessenen an engem oder méi Kanner sinn extra heefeg vum Aarmutsrisiko betraff. Wann mir an de Gemengerot kommen, da suerge mir dofir, datt d'Gemengen an der Flicht sinn a bleiwen, fir deene sozial méi schwaache Matbierger ze hëllefen, fir nees esou séier wéi méiglech en onofhängegt Liewen ze féieren, ouni datt si op Hëllef ugewise sinn. Fir d'ADR ass et nämlech wichteg, datt och déi sozial Schwaach kënnen e Liewen an Dignitéit féieren. Zur Dignitéit gehéiert, datt d'Leit esou wäit wéi méiglech däerfen hir eegen Decisiounen huelen, an nees an e Liewen ouni speziell Hëllefe vu Stat a Gemeng begleet ginn.

Famillje mat spezifesche Besoine sinn dacks an der Situatioun, datt si Ufroen op verschiddene Plaze musse maachen, fir vu bestëmmte Leeschtungen an Ënnerstëtzunge profitéieren ze kënnen. D'ADR wäert dëst

vereinfachen: Sou soll all betraffe Famill sech an der Gemeng kënnen un eng Referenzpersoun adresséieren, déi hinne bei allen néidegen Demarchen hëlleft.

Weider nach wäerte mir et erméiglechen, datt d'Gemengen a besonnesche Situatiounen, fir esou Leit, déi kee Recht op den RMG/ReVis hunn, respektiv déi dëst Recht net wëllen an Usproch huelen, kënnen Hëllef leeschten, z.B. a Form vun Avancen.

Mir ënnerstëtzen, datt d'Gemeng Associatiounen, déi am soziale Beräich aktiv sinn, zur Säit stinn. Dëst beispillsweis mat finanzieller Ënnerstëtzung an Infrastrukturen, fir esou Servicer wéi Sozialbutteker ze bedreiwen oder en Accès zur Medezin fir all Persoun ze erméiglechen.

D'Gemengentaxe maachen e groussen Deel vun engem klenge Familljebudget aus. De Prinzip vum „Pollueur-Payeur", deen u sech ze begréissen ass, belaascht dës Leit allerdéngs besonnesch staark. Duerfir géing d'ADR progressiv gestaffelt Taxen duerchsetzen. (Kuckt Punkt 7 am Kapitel *D'Gemengen: Garant vun der Liewensqualitéit*)

Eng kanner- a familljefrëndlech Gemeng

D'Kanner sinn d'Zukunft vun der Gemeng a vum Land. Si sollen e schéine Kader hunn, an deem si kënne grouss ginn. D'Gemeng planzt e Bam mat all Famill, déi e Kand kritt. An allen ëffentleche Gemengeninfrastrukture musse Wéckeldëscher ze fanne sinn a propper Spillplazen ouni Muppendreck, Sprëtzen, Gummien, asw. Wou keng Spillplaze sinn, mussen der gebaut ginn. D'Eltere sollen hei Matsproocherecht hunn.

5. D'Lëtzebuerger Sprooch als wichtegst Mëttel zur Integratioun

D'ADR ass déi eenzeg Partei, déi sech konsequent an iwwerall fir d'Lëtzebuerger Sprooch asetzt. Mir sinn iwwerzeegt, datt d'Lëtzebuerger Sprooch dat wichtegst Mëttel zur Integratioun ass. An nëmmen eng gutt Integratioun ass – op kommunalem wéi och op nationalem Niveau – de Garant fir d'sozial Kohesioun.

Fir déi vill Leit, déi nei an d'Land wunne kommen, ass d'Gemeng déi éischt Plaz, wou si mat enger Administratioun a Kontakt kommen. Dowéinst géinge mir hei schonn e kloert Zeeche setzen, dat vermëttelt: **Lëtzebuergesch ass d'Sprooch vun dësem Land!** D'Haus vun der Gemeng géife mir schlicht „Gemeng" oder „Stadhaus" nennen, amplaz „Mairie" oder „Hôtel de Ville". Och an de Formulairen an Informatiounsbroschüre géing Lëtzebuergesch an d'Ae stiechen.

Mat der ADR am Gemengerot wäerten d'Leit scho beim Aschreiwen an der Gemeng op d'Wichtegkeet vun der Lëtzebuerger Sprooch fir d'Integratioun an d'Lëtzebuerger Gesellschaft higewise ginn. Beim Umelle kréichen d'Leit och direkt Broschüren, wéi z.B. „100 Wierder Lëtzebuergesch", ausgedeelt a géingen informéiert ginn iwwert d'Méiglechkeeten, Lëtzebuergesch ze léieren.

Nimm vun Uertschaften, Stroossen, Gebaier...

D'ADR wäert systematesch duerchsetzen, datt op den Uertschaftsschëlter am Agank vun den Dierfer a Stied déi Lëtzebuerger Uertschaftsnimm als éischt an am Fettdrock geschriwwe sinn. De franséischen Numm kënnt drënner stoen. De Kadaster, wéi och d'Stroossekaarten an d'Navigatiounssystemer ginn deem ugepasst ginn.

Wou lëtzebuergesch Stroossen- oder Flouernimm existéieren, ginn dës exklusiv benotzt. Déi franséisch Bezeechnungen op de Gemengegebaier ginn déi franséisch Bezeechnungen duerch Lëtzebuerger Nimm ersat.

Publikatioune vun der Gemeng

All Gemengepublikatiounen – de Gemengebuet, Broschüren, Opriff, Invitatiounen, Informatiounen, d'Internetsäit asw. – musse gréisstendeels op Lëtzebuergesch sinn. Donieft kënnen si awer och an den administrative Sproochen oder a weidere Sproochen ergänzt ginn.

Lëtzebuergesch Coursen

Mir als ADR wäerten dofir suergen, datt d'Gemeng gratis Lëtzebuergeschcoursen op verschiddenen Niveauen ubitt, fir Leit, déi d'Sprooch, d'Orthographie an d'Geschicht vum Land léiere wëllen. Auslännesch Matbierger wäerten iwwert dës Offer informéiert ginn. D'Zäite vun de Coursë ginn, esou flexibel wéi méiglech, de beruffleche Bedierfnesser vun de Participanten ugepasst. D'Gemeng ënnerstëtzt Coursë fir Personal, dat a Betriber schafft, déi an der Gemeng ugesidelt sinn an dat mat de Gemengebierger am Kontakt stinn.

D'Gemengepersonal schwätzt Lëtzebuergesch

D'Personal, dat vun der Gemeng agestallt gouf a gëtt, muss Lëtzebuergesch schwätzen. Personal, dat an der Gemengeverwaltung schafft, muss Lëtzebuergesch um Niveau C1 beherrschen, mëndlech ewéi schréftlech. Awer och fir d'Personal an de Betreiungsstrukturen, Alters- a Fleegeheemer, déi vun der Gemeng finanziell ënnerstëtzt ginn, ass d'Beherrsche vun der Lëtzebuerger Sprooch obligatoresch.

Lëtzebuerger Dag vun der Integratioun

Mat der ADR géing nieft dem Nationalfeierdag an den internationale Kulturprogrammer, zousätzlech all Joer e „Lëtzebuerger Dag vun der Integratioun"organiséiert ginn. Dësen Dag géife mir notzen, fir e gesellegen Aktivitéiteprogramm unzebidden, deen e besonneschen Akzent dorop leet, de Wäert vun der Lëtzebuerger Sprooch a Kultur ervirzehiewen an ze vermëttelen. D'Organisatioun muss dobäi Wäert dorop leeën, datt d'auslännesch Awunner och um Programm deelhuele kënnen.

Abiergerungszeremonie

Auslänner, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit kruten, sollen op der Gemeng empfaangen an am Kader vun enger Abiergerungszeremonie häerzlech begréisst ginn. Dës soll och d'Geleeënheet bidden, op d'Bedierfnesser vun den „neie" Lëtzebuerger anzegoen, esouwuel wat d'Verdéiwe vun de Lëtzebuerger Sproochkenntnesser betrëfft, wéi och wat d'Integratioun an d'Gemengeliewen ugeet. D'ADR begréisst dëst Konzept a géing dëst och gär förderen.

6. Flüchtlingen ophuelen, mat Häerz awer OCH mat Verstand

Bei der Flüchtlingspolitik ass d'ADR fir human Léisungen, opgrond vun deene relevanten internationale Konventiounen. Europa kann net jiddereen ophuelen a Lëtzebuerg scho guer net. Dowéinst wëll d'ADR aner Weeër goen, fir gutt Léisungen ze sichen an deene Leit, déi wierklech Hëllef brauchen och Hëllef ze ginn, wa méiglech ouni datt si onbedéngt mussen an Europa kommen.

Gemenge musse bei Regierungsdecisiounen, déi si direkt oder indirekt betreffen, schonn am Virfeld agebonnen an net viru fäerdeg Tatsaache gestallt ginn. D'ADR ass géint e Quotesystem fir d'Migranten op d'Gemengen ze verdeelen, mee besteet op de Prinzip vum fräie Wëllen. Just déi Gemengen, déi fräiwëlleg sinn, kommen a Fro fir e Foyer a solle fir hir Efforten Ënnerstëtzung vum Stat kréien. Dobäi ass et onbedéngt néideg, datt och d'Bierger vum Buergermeeschter- a Schäfferot gefrot ginn. Fält d'Decisioun fir Flüchtlingen opzehuelen, muss d'Gemeng e volontaristeschen Integratiounsplang hunn. D'ADR ass der Meenung, datt alles muss gemaach ginn, fir ze verhënneren, datt et zu nach méi Parallelgesellschaften an eisem Land kënnt.

Bei der Wunnengsfro däerf et weder zu "Ghettoen" kommen, nach däerfen déi Leit, déi scho méi laang am Land eng anstänneg Wunneng sichen, oder d'Flüchtlingen um Wunnengsmaart privilegéiert oder diskriminéiert ginn. D'Installatioun vun de sougenannte Containerdierfer muss an alle Fäll d'Averständnes vun der Gemeng hunn. Hei däerf de Stat net eleng, iwwer d'Prozedur vum POS (plan d'occupation des sols), verfueren.

Flüchtlingen, deenen hir Demande op internationale Schutz ënnersicht gëtt (DPI - Demandeur de protection internationale), mussen a Foyere regruppéiert sinn, an do vum Stat betreit ginn (Ënnerdaach, Verfleegung, Gesondheet, Sécherheet, ...).

Unerkannte Flüchtlingen (BPI - Bénéficiaire de protection internationale), vun deenen der vill wäerte finanziell a materiell Ënnerstëtzung brauchen, bis si sech eng Existenz opgebaut hunn, musse vum Staat ënnerstëtzt ginn. Si däerfen net de Gemengen zu Laascht falen, och wann dës natierlech zousätzlech kënnen hëllefen.

D'Gemenge sollen eng aktiv Roll spillen am Dialog tëscht de Flüchtlingen an de Bierger, respektiv de Veräiner, fir datt den Accueil méiglechst gutt verleeft. Ganz besonnesch d'Kanner vu Flüchtlinge sollen an d'Aktivitéite vun de kommunale Strukturen (wéi Foyer, Maison Relais, Vakanzenaktivitéiten) agebonne ginn. Kanner vu Flüchtlingen am Alter fir an d'Grondschoul ze goen, sollen idealerweis an der kommunaler Schoul opgeholl ginn, dëst ënnert der strikter Bedéngung, datt de Schoulministère zousätzlech Ressourcen (besonnesch Personal) dofir bereet stellt. D'Kanner aus dëse Klasse ginn, esouwäit Plaze fräi sinn, och an der Maison Relais opgeholl, woubäi d'Käschte vum Stat (OLAI) iwwerholl ginn.

D'Gemeng: Garant vun der Liewensqualitéit

1. Solidaritéit a sozial Gerechtegkeet

Solidaritéit a sozial Gerechtegkeet gehéieren zu enger gudder Liewensqualitéit. Am Textdeel „Der ADR hir 6 Prioritéite fir d'Gemeng" goufe schonn zentral Punkten dozou (z.B. d'Familljen an de Wunnengsbau) am Detail virgestallt.

D'Solidaritéit géigeniwwer deene Matbierger am héijen Alter, mat Krankheeten oder Behënnerungen, muss éischt Prioritéit sinn. D'Gemeng muss mat spezialiséierte Veräiner, Associatiounen an Hëllefsdéngschter dobäi hëllefen, datt dës Leit net aus dem gesellschaftlechen, kulturellen a sportleche Liewe vun enger Gemeng ausgeschloss ginn.

D'Solidaritéit kann sech och an intergenerationelle Projeten ausdrécken, besonnesch an deenen, wou Jonk an Al matenee wunnen, kommunizéieren an zesummen u Projete schaffen. Och hei sollen d'Gemenge fir déi néideg Viraussetzunge suergen.

Zur Liewensqualitéit an zur sozialer Kohesioun gehéiert och, datt en Duerf- oder Quartierszentrum besteet, mat Komfortdéngschter am Beräich Epicerie, Bäckerei, Zeitungskiosk, Bancomat asw., an eventuell Gesondheetsdéngschter (Apdikt, Praxis vun Dokteren). Hei kann d'Gemeng intervenéieren, z.B. iwwert der Wee vun der Locatioun fir e symbolesche Loyer.

2. Matverantwortung fir eeler Matbierger

D'ADR ass sech bewosst, datt d'Zuel vun den eelere Matbierger an deenen nächste Jore weider klamme wäert. Dofir ass et eis och besonnesch wichteg, datt d'Gemeng Moossnamen hëlt, fir datt eeler Leit esou laang wéi méiglech an hire Wunnengen oder Haiser bleiwe kënnen an e méiglechst eegestännegt a selwer bestëmmend Liewe féieren.

Eng vun dëse Moossnamen, déi mir an der Gemeng huele wäerten, ass e qualitativ héichwäertege Service „lessen op Rieder", deen e Grondbedierfnes erfëllt an och zur Freed um Liewe bäidréit. De Service soll méiglechst ëmweltfrëndlech sinn.

Och eeler Matbierger a Leit mat Behënnerungen hunn d'Recht, u sportlechen a kulturelle Manifestatiounen deelzehuelen, wann si dat wëllen. Mir wäerten eis drëm këmmeren, datt d'Gemeng – an Eegeregie oder an Zesummenaarbecht mat spezialiséierten Associatiounen – e flexibelen Transport fir déi Leit organiséiert, virun a no esou Manifestatiounen.

3. Accès ouni Barrièren

D'Ufuerderungen, déi an der UN-Konventioun fir d'Rechter vu Mënsche mat Behënnerung festgehale ginn, mussen och an der Gemeng unerkannt an ëmgesat ginn. D'ADR wäert eng Rei Initiativen ergräifen, fir datt d'Gemeng deem gerecht gëtt an hir Responsabilitéit iwwerhëlt.

Am Kader vun engem pluriannuelle Plang wäerte mir all Gemengeninfrastruktur esou upassen, datt si fir Leit am héijen Alter oder mat Behënnerung keen Hënnernes méi duerstellen. Duerfir géing en Inventar opgestallt ginn, an deem fir all ëffentlech Infrastruktur an der Gemeng festgehale gëtt, ob si behënnerten- a senioregerecht amenagéiert ass. Am Gemengebudget géing dann och all Joer e Programm a Kreditter festgehale ginn, fir dës spezifesch Infrastruktur ze verbesseren - z.B. duerch Rampen, Lifter, ugepassten Toiletten, speziell Quaie bei Busarrête fir Rollstullfuerer, akustesch Signaler fir déi Blann bei Verkéiersluuchten, Blanneschréft (Braille) an de Lifter, asw. Och en Noutruff aus engem Lift muss fir all Leit mat Behënnerungen accessibel sinn.

Mir wäerten och d'Bautereglement esou änneren, datt nei Appartementshaiser a Geschäftslokaler direkt no behënnerten- a senioregerechte Kritäre musse gebaut ginn. Dësen Initiativeplang soll vun enger spezieller Kommissioun – an där och betraffe Leit sollen dra vertruede sinn – begleet a kontrolléiert ginn, fir datt d'Prioritéiten och agehale ginn.

D'Gemengepublikatioune ginn och iwwerpréift a wann néideg iwwerschafft, fir datt Leit, déi eng Sehschwächt hunn oder souguer blann sinn, och d'Méiglechkeet hunn, vun deene Publikatiounen ze profitéieren. Bei Online-Formulaire soll och eng extra "Capture" geschaf ginn, déi de betraffene Leit erméiglecht, d'Online-Versioun trotz hirer Behënnerung oder Aschränkung ze notzen. D'Bierger sollen awer weiderhin d'Méiglechkeet hunn, Formulairen a Pabeierform auszefëllen. Dobäi muss dorop geuecht ginn, datt déi Formulairë benotzerfrëndlech ausgeschafft ginn a besonnesch d'Pabeierversioun muss och fir déi Leit gutt lieserlech an auszefëlle sinn, déi net méi gutt gesinn. Leit, déi trotz allem net amstand sinn, fir administrativ Demanden eleng ze maachen, wäerten an der Gemeng domat gehollef kréien.

4. Ëmweltschutz an Energiepolitik

Bei der laangfristeger Entwécklung vun der Gemeng soll sech an de Beräicher Ëmweltschutz an Energiepolitik un deenen neiste wëssenschaftlechen an technologeschen Normen orientéiert ginn. De gesonde

Mënscheverstand muss awer ëmmer nach Virrang hunn viru blanner Ideologie. Esou däerfen Ëmweltnormen net dozou féieren, datt d'Präisser vum Bau esou héich klammen, datt net emol d'Mëttelschicht sech eng eege Wunneng leeschte kann. Mat der ADR an der Gemeng ginn Investitioune fir d'Ëmwelt a fir eng verstänneg Energiepolitik eng Selbstverständlechkeet.

Mir wäerte präzis Bestëmmungen an d'Gemengereglementer ophuelen, fir d'Belästegungen duerch Kaméidi esou kleng wéi méiglech ze halen, ouni „d'Nuetsliewen" domat ze verhënneren. Diskothéiken an ähnlech Etablissementer gehéieren awer net a Wunnquartieren. Et wäert natierlech weiderhi méiglech bleiwen, zäitlech begrenzte Fester, déi am kulturelle Programm verwuerzelt sinn, bannent Duerf a Stad ze feieren. Dëst gëllt natierlech och fir sportlech Manifestatiounen.

D'ADR ass fir erneierbar Energien, och wa si ni genuch Stroum liwwere kënnen, fir Kuel, Ueleg a Gas ze ersetzen. An der Gemeng wäerte mir Projete favoriséieren, wou Bierger vu Solaranlagen op ëffentleche Gebaier matprofitéire kënnen, ouni datt Privathaiser oder grouss Flächen an der Natur musse mat Solarzelle bedeckt ginn.

D'ADR begréisst déi streng Reglementatioun, wat d'Opstelle vu Wandkraaftanlagen ugeet. De Bierger soll all Méiglechkeet hunn, sech géint e Projet ze wieren, wou hie kéint belästegt ginn an op der Gemeng en oppent Ouer fir seng Suerge fannen.

5. Waasser, Ofwaasser, Dreckskëschten...

Waasser ass e Grondbedierfnes vum Mënsch an aus enger moderner Ëmweltschutz- an Energiepolitik (kuckt d'Kapitel virdrun) net ze trennen. D'Gemeng steet an der Verantwortung, d'Leit, déi op hirem Territoire wunnen a schaffen, mat gesondem Drénkwaasser zu engem faire Präis, an zu sozialen a gerechte Konditiounen, ze versuergen.

Gratis Waasser-Sockel

Dowéinst wäert d'ADR dofir suergen, datt et beim Waasserverbrauch e Gratis-Sockel fir all Bierger gëtt. All Stot an der Gemeng mussen op de Kapp pro Joer 30 Fudder Gratis-Waasser zur Verfügung stoen. De Waasserverbrauch, deen doriwwer erausgeet, gëtt mat progressiv gestaffelten Taxe beluecht. Dat heescht, datt de Präis vum Waasser etappeweis a proportional zum Verbrauch klëmmt. Och d'Kanaltaxe ginn iwwert eng progressiv Präisstaffelung gereegelt. Esou musse Leit, déi däitlech méi Waasser wéi d'Moyenne verbrauchen, méi déif an de Portmonni gräifen.

Mat den néidegen Instanze beim Stat, huet d'Gemeng och d'Verantwortung fir d'Kläranlagen. Et sief drun erënnert, datt Lëtzebuerg héich Strofen un d'europäesch Unioun bezilt, well d'Qualitéit vun eise Baachen a Flëss net d'Qualitéits- a Gesondheetsnorme respektéiert. Mat der ADR am Gemengerot wäert d'Traitement vum Ofwaasser, an Zesummenaarbecht mam Stat, eng Prioritéit ginn.

An neie Quartieren a Citéen, oder bei gréissere Renovatiounen a bebauten Zonen, wäerte mir no sënnvolle Kritären eng duebel Kanalisatioun (Reewaasser an Ofwaasser) a Betruecht zéien. D'Infrastruktur fir d'Ofwaasser (Kanal, Rückhaltebecken, asw.) muss esou bemooss ginn, datt keng negativ Auswierkung (z.B. Iwwerschwemmungen) op aner Quartieren entstinn. D'Gemeng wäert dann och mat den zoustännege Staatsservicer d'Risike fir Iwwerschwemmungen op hirem Gebitt reegelméisseg evaluéieren a déi néideg Moossnamen huelen, fir déi Risike minimal ze halen.

Fir d'Waasser ze schützen a Bëtz vum wäertvollen Drénkwaasser ze verhënneren, ginn d'Reseaue reegelméisseg kontrolléiert fir Verloschter duerch Fuitten ze vermeiden.

D'ADR ass géint d'Aféiere vun enger „Reewaassertax". Besteet dës Tax an Ärer Gemeng, wäerte mir am Gemengerot dofir suergen, datt si nees ofgeschaaft gëtt.

D'ADR ass prinzipiell net géint d'Konzept „Pollueur-Payeur" fir den Dreckskëschteservice, wou de Präis vun der Tax z.B. iwwert d'Gewiicht oder d'Zuel vun de Poubellen, déi eidel gemaach ginn, verrechent gëtt. Dëst däerf awer net benotzt ginn, fir grondsätzlech d'Taxen ze erhéijen, oder fir de Bierger ze kontrolléieren. Allerdéngs géinge mir och bei der Tax fir d'Dreckskëschten déi sozial Komponent berécksiichtegen.

Mir géinge Moossnamen an der Gemeng ënnerstëtzen, déi zum Recycléieren a Vermeide vum Offall bäidroen. Et géing awer och dofir gesuergt ginn, datt d'Unzuel vun deene verschiddenen Dreckskëschten net onnëtz erhéicht gëtt. Et duerf een nämlech net de Problem vun der Plaz vergiessen an d'Tier vun den Drecksween, déi am direkten Zesummenhang domat stinn.

6. Dateschutz an intelligent Compteuren

D'ADR wäert sech staark maachen, fir datt d'Recht op perséinlechen Dateschutz integral respektéiert gëtt. Mir warnen dofir och ausdrécklech virum potenzielle Mëssbrauch vun Daten, dee vun „intelligente Compteure" ausgoe kann, sief dat Compteure fir d'Elektrescht oder fir d'Waasser. Mir wieren eis dogéint, datt den individuelle Stroumverbrauch vun Drëtte vu bausse reguléiert kéint ginn.

7. D'Déieren an der Gemeng

D'ADR këmmert sech drëm, datt d'Hondstax op e Minimum beschränkt gëtt, sou datt och Leit mat wéineg Suen sech en Hond hale kënnen. D'Hondstax däerf och keng zweete Kéier opgehuewe ginn, wann een Hond am Laf vum Joer stierft an dowéinst en aneren Hond amplaz an de Stot kënnt. Mir suergen dofir, datt d'Hondstax am éischte Joer vun der Gemeng iwwerholl gëtt, wann en Hond aus engem Asyl adoptéiert gëtt. Als Géigeleeschtung fir d'Hondstax, wäert an de Stied fir déi néideg Infrastrukture gesuergt ginn (z.B. Hondstoiletten).

Wa lokal Veräiner bestinn, déi sech ëm den Déiereschutz beméien, wäerten dës materiell vun der Gemeng ënnerstëtzt ginn.

8. Natur

Besonnesch am Zesummenhang mam onkontrolléierte Wuesstem um nationale Plang, dréit d'Gemeng eng nach méi grouss Verantwortung, wat d'Erhale vu Gréngzonen am besonneschen an der Natur am allgemenge betrëfft.

D'ADR wäert sech am Gemengerot dofir asetzen, datt d'Natur an deenen neie PAG'en e maximale Schutz genéisst. D'Erweiderung vum Bauperimeter bleift d'Exceptioun ouni en Tabu ze sinn. D'Iwwerschwemmungsgebidder wäerten dann och kloer ausgewise ginn. D'Naturzonen, déi am Bauperimeter leien a schonn als Bauzonen ausgewise waren, kënnen nees als Gréngzon ausgewise ginn, allerdéngs ënner Berécksiichtegung vun de Proprietéitsrechter. Hei kéint d'Gemeng esou Gréngzonen, z.B. iwwert den Austausch vun Terrainen, nei definéieren.

Op där anerer Säit däerfe keng ëffentlech Infrastrukturen, wéi z.B. den Tram, als Virwand geholl ginn, fir gréisser Gréngzonen ëmzeklasséieren, wéi dat leider am Gréngewald de Fall ass. Et wäerten och keng Zone

baussent dem Perimeter reklasséiert ginn, fir weider grouss Geschäftszonen „op de grénger Wiss" entstoen ze loossen.

Do wou d'Bierger e Bedierfnes mellen, suerge mir dofir, datt d'Gemeng, och am Kader vum PAG, déi néideg Fläche fir Gaardekolonien zur Verfügung gestallt ginn. D'Gemeng hëlleft och beim Ariichte vu Gemeinschaftsgäert, wann d'Bierger dëst wënschen. D'Gemengebëscher a -weeër gi besonnesch gefleegt.

Gréngflächen, déi der Gemeng gehéieren oder vun hir ënnerhale ginn, wäerten no de Prinzipie vun enger gesonder Natur verwalt ginn, z.B. mat esou mann wéi méiglech Pestiziden. De Prinzip vum „fauchage tardif" géing net generaliséiert ginn, z.B. op Plaze mat Prestigecharakter.

9. Historesch an architektonesch Bausubstanz schützen

Liewensqualitéit heescht och en Ëmfeld ze erhalen, oder ze schafen, an deem d'Leit sech richteg wuel fillen. Dozou gehéiert d'Erhale vun eiser traditioneller Bausubstanz a vum Charakter vun de Stied an Dierfer. Fir eis ass net just d'Lëtzebuerger Sprooch wichteg fir eis Identitéit, mee och eis historesch an architektonesch Bausubstanz. D'ADR setzt sech fir eis erhalenswäert a regional-typesch Gebaier an an dofir, datt all Bausubstanz mat kulturellem Wäert muss erhale ginn. Mir plange kommunal Subsiden, fir d'Renovatioun an d'Sanéierung vun esou Haiser. Wann néideg soll d'Gemeng wäertvoll Gebaier kafen, fir hiert Erhalen ze sécheren. Parallel sollen d'Bierger fir d'Schätz vun hirer Uertschaft sensibiliséiert ginn. All Demande vu Bierger, fir hir eege Proprietéit vun de Mesure vum Denkmalschutz benefisséieren ze loossen, géinge seriö ënnersicht ginn.

D'ADR wäert sech och drëm këmmeren, datt d'Gemeng déi néideg Mëttelen an hire Bebauungsplang kritt, fir verhënneren ze kënnen, datt historesch Plazen duerch onpassend Konstruktioune verschampeléiert ginn. Ausserdeem besti mir op e verantwortungsvollen a respektvollen Ëmgang mat kierchleche Bausubstanzen.

10. Tourismus

D'Gemeng dréit Verantwortunge fir den Tourismus, dee fir vill Gemengen och finanziell wichteg ass. Dozou gehéiert den Ausbau an d'Ënnerhale vu regionale wéi och interkommunale Vëlospisten (och d'Circuits auto-pédestre an train-pédestre) a Foussweeër, déi net just korrekt an iwwersiichtlech beschëldert ginn, mee och fir d'éischt op Lëtzebuergesch. Dëst no engem gemeinsame Schema, dee fir d'ganzt Land gëllt.

Lokal a regional Syndikater déi sech ëm den Tourismus beméien, wäerte mir an der Gemeng – an Zesummenaarbecht mam Tourismusbüro – ënnerstëtzen, fir Hotellen, Campingen, Jugendherbergen, asw., déi hir Plaz an der Gemeng hunn, ënnert d'Äerm ze gräifen. Wann net um nationale Plang legiferéiert gëtt, wäerte mir Moossnamen iwwert d'Gemengereglement huelen, fir datt déi nei Forme fir Touristen opzehuelen (iwwert Internet-Plattformen), den etabléierten Hotelle keng deloyal Konkurrenz maachen. Besteet an der Gemeng d'Konzept vu der Vakanz um Bauerenhaff, da wäerte mir dat ënnerstëtzen. Een Aspekt ass d'Erhale vun der historescher Bausubstanz (gesinn am Kapitel virdrun).

11. Sport

Besonnesch am Breedesport huet d'Gemeng Verantwortung ze droen. Mir wäerten eis drëm këmmeren, datt d'Gemeng deene lokale Sportsveräiner déi néideg Infrastrukturen zur Verfügung stellt. Dëst am Kader vu gesonde Gemengefinanzen an am Aklang mat de reelle Bedierfnesser vun de Clibb. Och finanziell wäert

d'Gemeng deene lokale Sportsveräiner ënnert d'Äerm gräifen, fir hiert Engagement an der Kanner- a Jugendbetreiung ze ënnerstëtzen.

An Zesummenaarbecht mat de Clibb wäert d'Gemeng dann och, eenzel oder am Verbond, Programmer fir de breede Publikum ubidden (Sport fir jiddereen, och fir den drëtten Alter mat adaptéierte Méiglechkeeten). Dëst ouni grouss Formalitéiten an obligatorescher Memberschaft an engem Veräin. Fir Fräizäitaktivitéiten, déi d'Gemeng offréiert, géing dann och eng global Versécherung ofgeschloss ginn.

Och an de Parke wäerte mir Sportinstallatioune fir de breede Publikum opstellen.

12. Gesondheet

D'ADR wäert sech drëm këmmeren, datt e Konzept geschaaft an ëmgesat gëtt, duerch dat d'Versuergung um medezineschen Niveau verbessert gëtt. Dëst mat Hëllef vu regionalen Dokteschhaiser an Hausapdikte fir d'Dokteren. Besonnesch an Noutfäll, Nuets an de Weekend soll déi medezinesch Versuergung an déi mat Medikamenter däitlech méi efficace ginn, ouni laang Weeër fir de Kranken.

13. Kultur

Fir d'ADR ass d'Kultur eng vun der Gemeng hiren zentralen Aufgaben. Nieft de Kulturhaiser an der materieller Ënnerstëtzung vun de Veräiner, (z.B mat adequate Lokaler), héiert och d'Ubidde vun engem aktiven a variéierte Kulturprogramm dozou. Mir wëlle systematesch ëffentlech « Bicherschief » an alle Gemengen, wou d'Leit ganz informell e Buch léinen oder och en eegent verléine kënnen.

Mir wäerte kulturell Veranstaltungen, wéi Concerten, an Theateropféierungen an der Gemeng organiséieren oder ënnerstëtzen. Bei dëse Manifestatioune gëtt dann och Wäert op d'Lëtzebuerger Kultur geluecht. (Kuckt och d'Kapitel: D'Lëtzebuerger Sprooch als wichtegst Mëttel zur Integratioun)

Fir d'Integratioun ze erliichteren, wäert d'ADR méi Wäert dorop leeën, d'Lëtzebuerger Kultur ze fleegen an un eis auslännesch Matbierger ze vermëttelen, amplaz weider Multi-Kulti-Fester ze organiséieren, déi éischter en Nieftenee wéi e Matenee begënschtegen. An deem Sënn ënnerstëtzt d'ADR och Quartiers- oder Noperschaftsfester, déi ënnert anerem der Integratioun déngen.

14. No beim Bierger

Et ass an der Gemeng, wou de Bierger am einfachsten en direkt Matsproocherecht an der Politik kann hunn. Am Gemengerot, an de konsultative Gemengekommissiounen, mee och an de Lokalsektioune vun de politesche Parteie geschitt e groussen Deel vun eisem politesche Liewen. D'ADR setzt sech an, fir an der Gemeng déi direkt politesch Participatioun an d'Transparenz ze erhalen, a wann nëmme méiglech, nach weider auszebauen.

D'ADR ass dofir och fir méi direkt Demokratie um kommunalen Niveau, zum Beispill duerch méi Decisiounen iwwert de Wee vum Referendum. D'Modalitéiten, fir e lokale Referendum op Gemengenniveau ze erméiglechen, mussen nach vereinfacht ginn, zum Beispill mat der Méiglechkeet elektronesch Ënnerschrëfte sammelen ze kënnen.

Direkt Demokratie heescht och, datt d'Bierger musse gutt a korrekt informéiert ginn. D'Dagesuerdnunge vu Gemengerotssëtzunge mussen och fir d'Bierger disponibel sinn. Dës kéinte beispillsweis iwwert Livestream

am Internet iwwerdroen an archivéiert ginn. Ausserdeem soll en objektiven a politesch neutrale Resumé oder en analytesche Bericht vun den Diskussiounen an engem raisonnabelen Zäitraum un all Stéit verdeelt ginn. Bei méi grousse Projeten a besonnesch wichtegen Decisioune sollen Informatiounsversammlungen organiséiert ginn.

D'Gemeng kann, iwwert Kabel-TV an/oder Internet, och e lokalen Televisounskanal bedreiwen. Dëse soll prioritär de lokale Veräiner zur Verfügung stoen, an zu der audiovisueller Dokumentatioun vum Gemengeliewe bäidroen. Et soll en Deontologieskodex fir dës Präsenz ausgeschafft ginn an de lokalen Televisiounskanal däerf net fir politesch Propaganda mëssbraucht ginn. Eng Televisioun op Gemengenniveau ass ëffentlech-rechtlech a muss der Koalitioun an der Oppositioun gläich vill Plaz ginn, fir hir Standpunkten ze vertrieden.

Den Déngscht um Bierger muss eng Prioritéit a fir d'Gemeng sinn. Administrativ Demarchë sollen de Leit esou einfach wéi méiglech gemaach ginn. D'Gemeng kéint och baussent den „normalen" Bürosstonne fir dës Demarchen accessibel sinn. Ganz nom Prinzip vum „Guichet unique" soll d'Gemeng och fir déi staatlech Verwaltunge kënnen Demandë vun de Bierger entgéinthuelen an si dobäi beroden.

Méiglechst vill Demarchë mussen och iwwert Internet kënnen erleedegt ginn. Dëst däerf awer net zum Virwand geholl ginn, fir den direkte Kontakt mam Bierger op e Minimum ze beschränken. Am Interesse vun deene Leit, déi wéineger mam Internet familiariséiert sinn, oder einfach d'Pabeierform virzéien, muss nieft dem online-Format ëmmer och d'Pabeierformat bestoen.

Wann dir d'ADR an de Gemengerot wielt, da wäerte mir dofir suergen, datt déi genannte Punkten an Ärer Gemeng realiséiert ginn.

15. Kompetent politesch Gouvernance

D'ADR verdeedegt de Prinzip vun enger staarker Gemengenautonomie. Am Sënn vum Subsidiaritéitsprinzip soll de Stat sech just ëm déi Aufgabe këmmeren, déi net besser um Gemengenniveau ze erleedege sinn.

Fir datt d'Membere vu Gemengen- a Schäfferéit hirer Aufgab kënne gerecht ginn, ënnerstëtze mir systematesch Formatiounen, déi hinnen z.B. am Kader vum Congé-formation offréiert ginn. Mir passen och de Congé politique un, fir datt d'lokal Politiker hirer Aufgab kënne gerecht ginn.

Am Gemengerot wäert d'ADR fir eng verantwortungsvoll Finanzpolitik suergen, wann iergend méiglech ouni Erhéijunge vu Gemengesteieren oder Taxen. D'Gestioun vun de Gemengefinanze wäert „en bon père de famille" geschéien. D'Léine bleift d'Ausnam, an däerf nëmmen dann ugewannt ginn, wann et sech op konkret Investitioune bezitt.

D'Entwécklungshëllef ass prioritär eng staatlech, an net eng kommunal Aufgab. Wëll d'Gemeng awer eege Programmer fir Entwécklungshëllef opstellen, sollen dës mam Stat koordinéiert ginn, fir duebel Aarbecht an Inkohärenzen ze verhënneren.

Prinzipiell begréisst d'ADR Gemengefusiounen, wann dës eng Plus-value fir d'Bierger bréngen. Dës Fusioune mussen awer ëmmer um Prinzip vun der Fräiwëllegkeet berouen, woubäi d'Bierger hiren Accord iwwert de Wee vum Referendum musse ginn.